N°1225
Entrée le 24.09.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.09.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/09/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wunnengsbau & Landesplanung weiderzeleeden.**

Am Péitenger Zentrum, net wäit vun der Gare, läit eng 5 Hektar grouss Parzell mat der Kadasternummer 1177/8197, déi zënter Joren dem Staat gehéiert. Dës Parzell ass, zesumme mat den Terraine ronderëm, am PAG als Wunnzon klasséiert an se gëtt souguer am Plan directeur sectoriel « logement » als zone prioritaire d'habitation opgefouert.

An der Äntwert op eng parlamentaresch Fro virun zwee Joren (n°5766) krute mer d'Informatioun, dass ronn 400 Wunnengen op den Eucosider kéinte stoe kommen. Ech stellen allerdéngs fest, dass op där Parzell bis haut nach keng eenzeg Wunne gebaut gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi ass de Wunnprojet Eucosider zënter menger leschter parlamentarescher Fro weiderkomm? Wat fir eng Reunioune goufen et, wat fir eng Etüde goufe realiséiert a wéi eng Aarbechte goufen um Site gemaach?

2. An der Äntwert op meng lescht Fro gouf geschriwwen:
   *De Site ass zwar un den CR175 ugebonnen, mee doriwwer eraus momentan schlecht erschloss. De Gabarit vun der Strooss ass vu Péitenger Säit kommend extrem ageschränkt duerch d'Brécken ënnert der Eisebunn, a momentan fir de Schwéierverkéier am beschten iwwert e laangen Emwee, vun Nidderkuer kommend, ze erreechen.*
   *[…] An dem Kontext wier et méiglech, d'Ubannung vun dësem Site wesentlech ze verbesseren, andeem z.B. déi aktuell Eisebunnsënnerféierung duerch méi e groussen Ouvrage géing ersat ginn. Ausserdem kéint eng bestoend Ubannung un de primäre Stroossereseau westlech vum Site ausgebaut ginn. Zousätzlech misst eng Héichspannungs-Stroumleitung verluet ginn, ier de Site kann entwéckelt ginn.*
   Wéi wäit ass een op dëse Punkte vun den Ëmbauaarbechten?

3. Am Péitenger Gemengerot vum 23te September 2024 gouf informéiert, dass de Site aktuell virun allem als Décharge genotzt gëtt. D'Péitenger Gemeng louhnt den Terrain hei vum Staat fir ee minimale Montant.
   Wat fir eng Sécherheetsbestemmungen gëllen fir d'Décharge?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten